1-2021-O-J-7145-01 (n°3883)

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot: **Fred Keup**

Lëtzebuerg, de 7. Juni 2022

Interpellation protection du patrimoine culturel immatériel

1

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt:

- Lëtzebuerg iwwer eng grouss Zuel vun traditionelle Lidder verfüügt, déi säit Generatiounen zum Patrimoine vun eisem Land gehéieren an déi souwuel fir d'Museksgeschicht wéi och fir d'Literaturgeschicht vun eisem Land vun eminenter Bedeitung sinn;
- et schued wier, wann dës Lidder géifen aus dem kollektive Gediechtnes verschwannen;
- et zur Zäit keng digital Plattform gëtt, wou all eis traditionell Lidder repertoriéiert sinn an duerch déi jiddereen zu jidder Zäit d'Méiglechkeet huet, dës Lidder ze lauschteren.

fuerdert d'Regierung op:

- eng digital Plattform ze installéieren, op där all déi bekannt traditionell Lëtzebuerger Lidder repertoriéiert sinn, eng Plattform, déi kontinuéierlech erweidert gëtt an duerch déi d'Bëvelkerung vum Land, awer och all aner Mënschen, déi un eisem traditionelle Liddrepertoire intresséiert sinn, Zougrëff op dës Lidder hunn.

Fred Keup

**ADR - Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**